



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Kader vum neien Naturschutzgesetz vun 2018 mat sengem dozougehéierege Reglement iwwert d'Biotope goufen eng Partie Verstéiss zum Schutz vun de Biotope präziséiert an deels och nei agefouert. Integral iwwerholl gouf de Verbuet fir d'Hecken an de Gréngzone vu Mäerz bis September ze schneiden. Hecken si bekanntlech e wichtegen Habitat fir eng ganz Rei vun Aarten am oppenen Terrain, notamment fir vill Vullenaarten. Am Kader vun der rezenter Presentatioun vum Joresrapport vum *Observatoire de l'habitat naturel* gouf op e weidere Réckgang vun enger Rei Vullenaarten higewisen.


No mengen Informatiounen ginn awer och vun öffentlechen Instanzen, haaptsächlech vun eiser Stroossebauverwaltung, iwwert de Summer Hecke geschnidden, also an der Verbuetsperiod déi am Naturschutzgesetz virgesinn ass. Dëst Verhalen ass jo ouni Zweifel en Agrëff an d'Liewensraim vu ville Vullenzorten. Des Virgäng sinn och net op eng Regioun limitéiert, mee no mengen Informatiounen geschitt dat am ganze Land.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister:

1. Ass d'Madamm Ëmweltminister iwwer esou Infraktiounen säitens öffentlechen Acteuren informéiert, virun allem vun eiser Stroossebauverwaltung? Oder huet si d'Schneide vun Hecken am Summer autoriséiert? Wa jo, opgrond vu wéi enge Bestëmmungen, wéi dacks a fir wéi eng Verwaltungen?
2. Gin des Verstéiss systematesch vun de Revéierfierschter erfaasst, déi jo aldeeglech um Terrain present sinn?
3. Wat si méiglech Konsequenzen fir öffentlech Acteuren bei esou Verstéiss? Gin esou Verstéiss un den zoustännege Parquet weidergeleet?
4. Ass d'Madamm Ëmweltminister der Meenung dat et opportun ass fir engersäits op de Réckgang vun eiser Aartevillfalt, virun allem de Vullen déi en oppent Land brauchen, hinweisen an datt anerersäits öffentlech Acteuren (Ministèren a Gemengen) Verstéiss géint den Aarteschutz maachen andeems wichteg Liewensraim während der Saison zerstéiert oder och nëmme gestéiert ginn?
5. Wéi wëllt d'Madamm Ëmweltminister op dee Constat reagéieren par Rapport zu hirem zoustännege Regierungskolleegen, respektiv géintiwuer de Gemengen?

6. Ass d'Madamm Ëmweltminister der Meenung dat des Praktiken zu enger Onzefriddenheet an der Ëffentlechkeet kënne féieren? Fënnt sinn et gerecht, datt toleréiert gëtt, datt ëffentlech Acteuren Hecke schneiden awer zum Beispill eis Bauere mat haarde Strofe musse rechne wann si sech géingen esou verhalen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierte